



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Energie an dem Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n°5321 vum 1. Dezember 2021 vun den éierewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser an Här Fred Keup iwwert "Prix du CO2"**

D'Regierung huet sech op déi konkret CO<sub>2</sub>-Bepräisung an der aktueller Legislaturperiod festgeluecht, déi ee wichtege Outil vun all effikasser Klimaschutzpolitik ass a woubäi hei zu Lëtzebuerg sozial Kompensatiounen a Form vun engem Steierkredit zesummen mat der CO<sub>2</sub>-Steier agefouert goufen. Dëse Steierkredit ass ausserdem degressiv wat d'Revenuen vun den Leit méi héich ginn.

De STATEC huet nogewisen, datt des Bepräisung och wierkt: Am Joer 2021 no de Covid-Restriktiounen ass de Verkaf vu Pétrol net erëm däitlech geklommen, am Géigesaz zum allgemenge Verkéier, deen erëm däitlech zougeluecht huet. Dëst ass dem STATEC no op den Effet vun der CO<sub>2</sub>-Bepräisung zeréckzeféieren an den Differential mat de Pétrols-Präisser an der Belsch.

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2022  
(s.) Carole Dieschbourg  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung